Réunion 02/2025

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 27.02.2025**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | Op Fréinen à 19.30 H |
| Début de la réunion | 19.30H |
| Invités | (xxx) |

## Ordre du jour :

1. Compte rendu vum 23.01.2025
2. Avis "subside Pampers"
3. Poubellesprëch
4. Grouss Botz 2025
5. Aner projets'e fir 2025
6. Divers

## ***1. Rapport Reunioun 23.01.2025***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 23.01.2025 ass ugeholl. Mir hun décidéiert dat déi Memberen déi séch ofmelle fir eng Réunioun, dem [redacted] e Mail machen op si de Rapport sou approuvéiren oder net. Wann ee wëll eppes geännert hun um Rapport deen en daat schreftlech mat, fir das dat ka gemach gin.

## ***2. Avis Subside pampers***

Den Projet vum Avis ass gekukt gin, mir man lo nach déi néideg adaptatiounen. Den Avis gett nachengkéier circuléiert pour ok éier mer en rareechen.

Pour rappel :

***Conclusioun vun der Kommissioun:***

- Eng Finanziell eemoleg Subventioun vun 30% mat maximal 200 € fir ‚Wiedervendbare Windelen'. Dëst auszebuelen no engem Joer mat Virlag vun de Rechnungen wou een ka rausfannen waat hei kaaft ginn ass. ***Dëst pro Kand oder pro Erwuessenen***. Heimat kann fir déi Famillien eng zousätzlech Belaschtung duerch d'Gemengen Taxen beim Déchêt verhënnert ginn.

Zousätzlech gëtt eng Offer vu Berodung ugebueden. (Devis en annexe) – Am Ôpen kritt een och een ‚Testkit' vu Stoffwëndelen fir 80 € de Mount als Locatioun. – Eng Info Campagne géif dann hei och gemaat ginn. Mat engem Info Flyer / MAG / sozial Medien

- **Beim sozialen Aspekt** : eng Propose vun enger Erhéichung vun 100 € pro Joer fir all déi Haushalter déi iwwert de Centrest eng ‚Allocation de vie chère' bezéieen. Déi 100 € stellen grosso modo de surplus vun de Käschten duer bei dem Modell op deen mir als Gemeng sech baséiert hunn, also déi fixe Taxe + 3 mol pro Joer eng zousätzlech Levée. Dëst bei enger Poubelle vun 80 Liter.

## ***3. Poubelles sprëch***

RAS – dee Punkt gëtt lo mol nët méi op den ODJ gesat.

## ***4. Grouss Botz 15 März 2025***

Bréiwer si raus, den Event ass och och op Facebook publizéiert. Schoulen an Lycéen goufen ugeschriwen, Police krit och nach e Bréif. Deadline fir sech unzemellen ass den 10te März.

Et ass alles réservéiert vum Material. Bréidecher mussen nach bestallt gin, mer musse lo mol just kuke wéifill Lait sech umellen.

Mer hun 300 Pincen, su dat mer der genuch hun. Mer misten de Lait déi sech umellen just nach engkéier eng Kaart matscheken wou d'Points de collecte sin. Mir kuken dat nach mam Joel wou mer di Points'e machen fir dat mer déi kenne matdeelen.

[redacted] si leider net do.

De [redacted] bestellt d'Fleesch an de [redacted] bestellt d'Breidecher beim Duarte. Mer froen och nachengkéier no mam Gedrenks, en fonction vun de Lait di ugemellt sin.

Um 9.00 RDV sur place beim Centre Culturel.

## ***5. Aner projets'en 2025***

5.1. Atelier 2 Tonnes

Atelier 2 Tonnes, den 2ten Abrëll 2025 um 18.00 an der Buvette op Fréinen.
Eventuell bestelle mer d'Iesse beim naie Foodtruck, mir kuke mol wat hien eis proposéire kann.

D'Lait musse sech beim [redacted] mellen firum 15te März, mat hirer E-mails adress [redacted] schekt et un Klimateam [redacted] un de Schäfferoot.

5.2. Divers aner Projets'en

- Ufroo Gaardeblogger/influencer, fir éventuell en informativen Afterwork mat Fokus op Hochbeet. A voir op een dat combinéiert mat enger Verdeelaktioun vu Stauden oder Straicher.

## ***6. Divers***

[redacted] hat déi Idee rabruecht mat den Arbres remarquables, d'[redacted] proposéiert eng Serie mat Artiklen iwert déi Beem ze man déi an de Mag kommen.

Deen éischten Artikel mist dann Enn März ferdeg sin.

Eis nächst Réunioun ass en Mëttwoch, den 2.04.2025 um **18.00** Auer an der Buvette "Op Fréinen"

Mat frëndleche Gréiss.

Nora Dupont
Sekretärin

Jean Boden
President